

NAGA – Konscht op Letzebuergesch

Szen 1)

Maxie: *(Kennt no vir, ass opgerregt a steet ee bessi verluer um Riednerpult)* Dir Dammen an dir Hären, mäin Numm ass Maxie Lacour, Coordinatrice générale vum Projet "Éischt Letzebuenger Nationalgalerie" an ech soen iech Merci, dass dir haut zu sou vill komm sidd fir des freedeg Occasioun, fir d'Ouverture vun der NAGA.

Den Här Minister wäert och an e puer Amenter hei sinn, ech well d'Geleenheet dann awer schonn notzen fir iech kuerz eise Programm vun haut den Owend ze présenteieren. Mir hunn eis iwweperluecht, iech do mat engem ganz faarwegen Mélange ze iwerraschen an dobäi d'Konscht, déi letzebuergesch Konscht, selwer an de Virdergrond ze stellen - sou wéi dat jo och selbstverständlech an eiser neier Nationalgalerie de Fall si wäert.

Dofir hu mir eng Rei wichteg Konschtschafender aus dem Land gebieden dëser Ouverture e Wierk ze widmen an domat eng Laudatio un d'Galerie, un d'Konscht an un d'Liewen insgesamt ze halen. Nieft der Ried vum Staats- a Kulturminister Xavier Bettel, der Enthüllung vum Numm vum Musée an der Ernennung vum Direkter oder der Direktesch vun dësem Etablissement kënt dir iech ënner anerem op eng musikalesch Ennermoolung duerch d'Reinterpretatiounen vun "Mir Trei Sei aus dem Sauerdall", Ech drénke gär mäi Pättchen" an vum bekannten "Ech sin e groußen Hexemeeschter" vum eigentlechen Zaubermeeschter, dem Gast Walzing freeën. Poetry Slam steet och um Programm an d'Sylvia Camarda wäert e puer mol plackeg duerch de Raum sprangen.

Spannend an déifgrenneg ass och d'Wierk vum Jacques Schneider, deen sech aus engem intellektuellen Point de Vue mat dem Räichtum am Land auserneen gesaat huet an doweinst d'Gelle Fra gereelooked huet. Dei nei "Bronze Fraa" fannt der um drette Stack.

Et sief nach gesot, dass fir Iessen a Gedrénks gesuergt gouf, d'Schnittercher haut den Owend goufen vum Lea Linster an enger éischer Mouth-Art-Kreatioun zesummegeallt a vum Anne Faber nei-interpretéiert, zumindest d'Wäinzoosiss-Sushien.

E puer perséinlech Wieder nach vu mir, déi ech dei ganz Entstoungsgeschicht vun der Galerie materliewen duerft.

Konscht soll vir jiddereen zougänglech sin. Konscht soll perséinlech Gedanken ennerstetzen an befliggelen. Konscht soll de Menschen eng Stäip sin, soll ausdrécken, wat a gewessenen Situatiounen keen Ausdrock mei fanne kann. Konscht soll obwullen a berouegen. Konscht ass e Spiggel vum Lierwen a vum Alldag an domat emmer e Spiggel vun eis. An deem Senn well ech der Nationalgalerie gären desst Zitat vum héich geschätzten Paul Klee mat ob de Wee gin: "Kunst gibt nicht das Sichtbare wieder, sondern macht sichtbar." An genee dovir steet dess nei Nationalgalerie. Ech wenschen iech wonnerbar inspireierend Momenter an desem neien Etablissement.

Szen 2)

Maxie: Während mer weider op den Staats- a Kulturminister waarden komme mer elo schonn zur éischer kënschtlerecher Interventioun vum Owend. Speziell fir desen Ulass hu mir Texter zesummestelle gelooss an zwar vun engem Här, deem säin Nonumm hei am Land gutt bekannt an héich dekoréiert ass. Een Nonumm, deen hien mat sengem Brudder genau sou deelt wéi seng Professioun, wat scho mol zu der enger oder aner Verwiesslung gefouert huet. Fir eis eng

Iwwersiicht iwwer d'Entstouungsgeschicht vun der NAGA ze ginn bieden ech no vir den ...
(*huet den Numm vergiess an traut sech net ze rodén*) ehm Här Helminger!

Helminger: Schéine gudden Owend. Wei der schonn ugemierkt hutt, ginn ech heiansdo mat engem vu menge Bridder verwiesselt. Awer nemmen mat deem, deen Erfolleg huet. Main Numm ass Ex-Buergermeeschter Helminger an ech liesen iech den Owend e klenge Gedicht fir, dat den ehm, ee Brudder fir mech rausgesicht huet.

Eng flott Iddi

Et wor emol e glécklecht Land,
an dem huet een fonnt allerhand
schéin Gebeier, glécklech Menschen,
alles wat ee sech konnt wenschen,
Mee, oh je, oh je, oh freck,
Déif setzt en do, de grouße Schreck,
Grujjeleg ass et ze erkennen,
Dass et onmeiglech ass ze nennen
wat dem Land trotz allem fehlt,
wouhier et kennt, d'ennerlecht Leed.
Hu mir dann net wirklech alles,
wat eis glécklech machen keint?
Suen, Spaß, e gudde Gales,
Leschteg Fester vir all Meint?
Konscht, Kultur vir jidferen,
Bei all Wieder, suguer bei Reen?

Joor vir Joor gouf sech besennt,
emmer eppes neit's gegrennt
Philharmonie hei, de Mudam do,
Klengen Theater nierft Groußen, ganz no.
Vir d'éischt eng Rotonde, dann koum die zweet
Kulturzentren uerchert d'Land gestreet,
Musee vir Musee, Gebei vir Gebei,
Dat Richtegt wor awer nie derbei,

D'Resignatioun huet geherrscht am Land,
eis fehlt d'groußt Gléck, dat wosst all Kand,
Mir si gehäit, mir fannen keng Rouh,
d'Leit hu gekrasch: „Mir gi nie mei frouh!“

Mee, hei, nu kuck, wat ass dann dat?
E jonken, dynameschen Demokrat!
Un der Spetzt vum Land en Affekot,
Ah nee, lo gett sech net mei beklot!
Xav' ass de Numm vum Premierminister,
eriwwer sin d' Zäiten dei wore' sinister!
Et keint een bal soen, c'est un demi-dieu,
Ah, merde, dat geet jo net mei, djeu,
Dat gett lo geännert, et ass jo bekannt,

well letzebuergesch ass d'Zukunft vum Land!
Soit, hien wor et deen virun zwee Joer,
selbstlos vir d'Land, dat ass jo kloer,
naturnoh eng Iddi huet obgegraff,
Dei d'Octavie 2010 huet getraff.
Leider huet dat deemols keen interesséiert,
wisou den Xav sech dunn huet beéiert,
en klengen Recyclage ze man,
d'Konzept einfach gereelooked, t'ass jo keng Schaan.

Neigebuer wor se, strahlend wie nie,
D'Iddi vun der Nationalgalerie!

Hart huet e gekämpft, de gudde Mann,
t'muss een sech duerchsetzen, wann een et kann!
D'Iddi ze propageiren iww'rall am Land,
t'hat keen de Kär vun de Geniositéit erkannt!
Weder vir e Programm vir d'Wahlen,
Sollt dess Iddi de Menschen gefaalen,
Nach an engem Koalitiounsofkommen,
konnt d'Galerie mat Succès trompen,
Net mol d'Konschtschafend an hierem Fuerderungspabeier
hun dozou irgendeppes gesot,
se duerchten bestemmt, dat Ganzt gett ze deier,
an se geifen och net gefrot.
Net emol d'Vollék uerchert d'Land,
wor un der Galerie interesséiert,
Trotzdem hat de Xavier dat richtegt erkannt,
an sech aus deem Grond ganz selbstlos beéiert,
Sengem schéine Land dee Gefaalen ze doen,
vir dass säi Vollék sech net mei muss ploen.

Sou ass se entstaan, d'Nationalgalerie,
Kléngt dat ganz net, wéi grouß Poesie?

Maxie: *(Fänkt u mat klappen)*

Helminger *(erklärend)*: Ech hunn deen Text och ganz passend fonnt, well ee wierklech weist,
dass een hart kämpfen muss, vir Groußes ze ereeschen.

Szen 3)

Maxie: Merci dem Christian, ehm, Jean... Här Helminger. An do gesinn mer jo, den Här
Premier an den Här Kulturminister kommen elo och un. Also den Här Bettel. Deen aneren ass
nëmme Chauffeur a Staatssekretär.

Bettel: Du bass sou ee Kallef, lo kommen ech ze spéit ob meng Aweiung! Wat kanns du
eigentlech? Du weess dach, dass an der Stadt näischt geet an iwerall Stau ass.

(Bettel kennt ran)

Bettel: Moien! *(geet fir bei d'Bühn a gött jidderengem um Wee d'Hand, mecht Komplimenter à*

la "flotte Schaal", "zackege Brell", "coole Mantel")

Maxie: Moien Här Bettel, et ass eng grouss Eier an e Pleseier Iech hei an der éischer lëtzebuenger Nationalgalerie ze begréissen.

Bettel: De Pleseier ass ganz mäin (*Geet un d'Riednerpult*).

Léif Letzebuengerinnen a Letzebuenger,

D'Nationalgalerie ass schéint Gebäi. An et ass ee wichtegt Gebai. Dës Institutioun wäert fir dat Lëtzebuerg stoen, wat mir an d'Welt rausdroen wëllen a wou mir houffreg kënnen drop sinn. Mir brauche kee Minderwertegkeetskomplex ze hunn vis-à-vis vun engem PRADO, MOMA oder engem Louvre, well nous sommes NAGA.

Heiansdo sote meng politesch Géigner: De Bettel verléiert sech a Metaphere mat Fensteren, déi näicht bedäiten. Oder se soen de Bettel hätt näicht verännert, et ass alles wéi et war! De Géigendeel ass wouer! Heiansdo schenge Fensteren transparent ze sinn mee a Wierklechkeet gouffen se sou laang net méi gebotzt, dass ee baal näischt méi rausgesäit.

Mir haate versprach d'Fensteren obzerappen. An genee dat hu mir gemaach! An elo ass et hei bannen sou hell wéi nach ni. Als Metapher dofir sinn och hei am Gebäi riseg Fensteren.

Mir weisen der Welt, wat mir hunn an d'Lëtzebuenger brauchen sech net méi ze verstoppen! Se kënnen sech mol net méi verstoppen. Mir sinn eng Weltnatioun an eis Sprooch wäert demnächst um Mars geschwat ginn.

Um Wee fir heihinner sinn ech duerch d'Stad gefuer an dir erlaabt mer des kleng Anekdot ze zielen. Während mengem Trajet hunn ech aus der Fenster vun der Limousine gekuckt. An wat hunn ech zu Bouneweeg gesinn? All dat Pak, dat wéinst menger asozialer Politik als Staater Buergermeeschter hei an deen hannerleschten knaschtegen Eck zesummege driwwe gouf. Den Francois Bausch léist jo lo nach séier ee Lager beim Findel opriichten, fir dass d'Lydie dee Wouscht am nächste Wanter entgültig aus der Stad kärchere kann.

Wou ech déi Leit hei gesinn hunn, hunn ech mer Froen gestallt.

Brauche mir dann emmer méi sozial Institutiounen fir Leit ze pampere? An besonnegt hei: Brauche Jonker oder Flüchtlingen Räumlechkeeten? Brauche mir eng Plaz, wou si sech treffen, kenschtlersch entfalen, Sproochen léieren kënnen?

Oder brauche mir eng Nationalgalerie.

Wat ass d'Prioritéit vun enger verantwortungsvoller Politik. Dir setzt haut an der Äntwert op des Fro.

Ech soen iech Merci.

Maxie: Applaus w.e.g.

Szeen 4) De Problem

Maxie: Här Staatsminister, wann der erlaabt, géife mer dann elo direkt a feierlech den Numm vun der Nationalgalerie hei enthüllen an d'Nationalgalerie domat feierlech aweihen.

Bettel: Mir waarde lo als éischt mol op de Kulturminister.

(Paus)

Maxie: Pardon, mee Här Bettel, de Kulturminister, dat sidd dir dach.

Bettel: Majo, ech weess dat dach. *(Paus)* Dofir wor ech jo dee Filmset besichen, d'Movieland.

Maxie: Dir mengt d'Filmland?

Bettel: Jo.

Maxie: Mee do waard dir als Medienminister.

Bettel: Dat gehéiert jo lo praktesch souwiesou zesummen.

Maxie: Ah, dir mengt well den Filmfong säi ganze Budget an den éischten 10 Deeg verbraucht haat an en Trick gesicht gett fir dem Guy och Kontroll iwwert de Kulturbudget ze ginn?

Bettel: Voila, dowéinst hunn ech hien jo och zum Kulturstaatssekretär gemaach.

Maxie: Mee dir hutt dach de Guy, ären gudde Koleeg aus der DP Zentrum, deen mat den Immobilien, zum Kulturstaatssekretär gemaach.

Bettel: Soot ech dach, den Guy, mäi gudde Koleeg aus der DP-Zentrum, deen mat den Immobilien.

Maxie: Nee, den Guy Daleiden ass Chef vum Filmfong. Kulturstaatssekretär ass den Guy mat de Bréifkeschtfirmer zu Panama. Den Arendt.

Bettel: Mee wéi, ech duecht dee wier Chef vum Moviefong, firwat sollt ech de Panama-Guy zum Kulturstaatssekretär maan, dovunner versteet deen dach näischt.

Maxie: Dir soot dat wier wéinst de Walfer Bicherdeeg.

Bettel: A wat mecht deen dann elo als Staatssekretär?

Maxie: Dat weess kee sou genee.

Bettel: Jo sou geet dat bei de Staatssekretären. Déi eng iwwerschaffen sech bis se an d'Gras bäissen, an déi aner sinn an der DP. Wéi d'Francine Closener zum Beispill.

Maxie: Mee fir ze schaffen hat dir dach den Jo Kox agestellt.

Bettel: Ah jo, an wéi eng Positioun hat de Jo Kox scho méi? Staatssekretär vum Staatssekretär?

Maxie: Nee, dat ass de Rapporteur an Initiateur vum Kulturentwecklungsplang.

Bettel: Ahhhh. Okay. Ma dann erëffnen ech mol dës Galerie.

Maxie: Applaus.

Bettel: D'NAGA ass eng Erënnerung, ee Konschtwierk selwer. Et wäert ëmmer un déi progressivsten Legislaturperiode an der Geschicht vu Lëtzebuerg erënneren. D'NAGA ass dofir wéi en Denkmol fir mech. Pardon, falsch betount. D'NAGA ass dofir wéi een Denkmol fir mech.

Meng Dammen an dir Hären, dest ass een emotionalen Moment. Et ass schéin ze wessen, dass awer eppes bleiwe wäert an dass och no der aktiver Zäit als Politiker sech Leit gezwongener Mussen un een erënnere wäerten. Ech si ganz geréiert an fillen mech geéiert wéi d'Iddi opkomm ass des Galerie noom zweeten Staatsminister vun der DP ze benennen...

Maxie: Mee Här Bettel, dat wor är Iddi.

Bettel: D'NAGA, eis Nationalgalerie kritt deemno den Numm...

Kox: Stopp! Stopp! Xavier, waard, maach et net... mir hunn e Problem.

Bettel: Jo Kox, wat méchs du dann hei?

Kox: Mir hunn ee risen Problem.

Bettel: Schwätz, soss ginn et der riets a lénks an d'Suddel bis de mengs den Tonnar wier Aktionär bei enger Zigarettfabrik gewiecht.

Kox: *(Mat Bléck op d'Maxie)* Et wier besser, wann dat lo hei net all Mënsch matkritt.

Bettel: *(Zum Maxie)* Hei, Minnie...

Maxie: Maxie.

Bettel: Maxie, lo gees du mol riwwer an de Musées-Shop an sichts mir een neien Schal aus. *(Maxie verléisst rosen de Raum)* Schwätz!

Kox: Déi Konschtschaafend wellen däin Ierwen zerstéieren. Wou se gewuer gi sinn, dass du dobäi bass déi nei Nationalgalerie no dir selwer ze benennen hu se sech tatsächlech all zesummegedoen fir direkt op d'Barrikaden ze klammen *(zum Public)* Dat ass deen eenzegen onrealisteschen Moment vun dësem Stéck.

Bettel: Hä... mee si hunn dach dee 200 Säite-Wësch do kruut, wou mer basistransparent an

bottom-up-partizipativ-demokratesch en neie Kulturentwecklungsplang fir si geschriwwen hunn. Wéi kënnen si dee lo scho virun de Wahlen fäerdeg geliess hunn? Dat sollt eis dach Zäit verschaaften fir lo nach ee rouege Moment ze hunn mech z'inszenéieren.

Kox: Si hunn et scho fäerdeg gelies. Ech mengen si hunn einfach d'Annexe vum Literaturverzeichnis iwersprongen!

Bettel: Batter.

Kox: An dann hunn si och nach d'DP-Wahlbrochure an der Boite gehat, déi dann schlussendlech déi Drëps zevill wor.

Bettel: Wéi, wat hu se dann do dra geschriwwen? Hei, Helminger, du éiwegen Zweeten, komm mol zeréck op d'Bühn an lies dat Ganzt mol vir.

Helminger: Oh, meng DP wor hei ganz lyresch ënnerwee wor an sech an dëser Brochure mam Titel "Gesot, gemaach" am Style vun engem chineseschen Hariku iwver d'Kultur äussert. Ech liesen daat lo gesteg vir.

Gesot gemaach: D'Letzebuerger Kultur gestärkt. Een Hariku an 3 Zeilen.

- 1) Mir hunn d'Letzebuerger Kultur gestärkt
- 2) Strategiepabeier mat 40 konkret Moosnamen, fir d'Letzebuerger Sprooch ze ferderen.
- 3) Kulturassisen a Kulturentwecklungsplang fir d'Zukunft vun der Letzebuerger Kultur.

Bettel: Merci Nico, eh, Josy... Henri... Schofskapp. Soit. Dat ass dach eng gutt Zesummefassung.

Kox: Jo, eng gutt Zesummeffaassung dofir dass 5 Joer näischt geschitt ass an dass lo en plus hier Spart fir een nationalisteschen Wahlkampf mëssbraucht gëtt. Dowéinst sinn déi lo all schwäi-well. An dann kenns du och nach a benenns d'Nationalgalerie no dir selwer.

Bettel: Jo gutt. An wat welle se maachen? E Protestbild molen? Eng Beschwerde als Poetry-Slam? Mir e satirescht Denkmol bauen oder wat?

Kox: Se wëllen hier Konscht net méi fir deng Galerie zur Verfügung stellen.

Bettel: Dann sollen se hier Hausfraen- a Proffekonscht bei sech an der Stuff ausstëllen, do gehéiert se och hin. A mir importéieren aus dem Ausland, do hunn se wéinstens Kultur.

Kox: Dat geet net, well är Partei dach op een nationalisteschen Wahlkampf setzt, dowéinst gouf et dach iwverhaapt réischt déi Iddi mat enger Nationalgalerie.

Bettel: Hä? Mee dat ass dach guer net d'Aufgab vun enger Nationalgalerie.

Kox: Dem Wahlslogan vun ärer Partei no schonn. "An Zukunft alles ob Lëtzebuergeg".

Bettel: (*Gëtt lo richtig rosen*) Himmelnondidjö, wat interesséieren mech dann déi nächste Wahlen. Ech hätt hei gären, dass mäin Numm op desem Gebäi steet, fir dass ech mengen zukünftegen Koleegen an de Verwaltungsreit weise kann, wéi eng dichteg a kultivéiert Persoun ech sinn. Et wier net deen éischte Musée hei am Land, deen praktesch eidel steet. Wann d'Facade gutt blénkeg ass, da kucken d'Leit net op den Inhalt - dat wor de Motto vu menger Legislaturperiod.

Kox: Mee d'Facade wäert net blénkeg bleiwen. Si sinn um Wee heihinner fir däin Numm direkt nees vun der Facade ze krazen.

Bettel: Merde.

Kox: Presse ass do an d'Welt kuckt no. Mer mussen d'Ouverture lo ofbriechen, soss gëtt deng NAGA vun der Force liberale zur Farce generale. Et wier besser du géifs d'Ouverture verréckelen bis sech d'Lag berouegt huet.

Bettel: Et ass elo véierel vir CSV an ech wäert sécher net waarden an mat ukucken, wéi mäi Prestige-Projet herno vun enger Grénger am Amt vun der Kulturministesch nach no iergendenger Fra benannt géif ginn.

Kox: Mee wat wells de dann lo maachen?

Bettel: *(Iwwerleet an zitt säi Schaal fest)* D'Fenster grouss oprappen.

Kox: Ah... ehm.

Bettel: Handelen, mir mussen Handelen. Nach seier eppes maachen mat deem ech mer des Galerie verdéngen an dat ier dass d'CSV un der Muecht ass.

Szeen 5)

Kox: Wéi, handelen. Also mat tatsächlech Resultat, sou mat enger Verännerung, enger Verbesserung? Eng konkret an direkt emgesaten Mesure.

Bettel: Genee.

Kox: Ee Kulturminister, deen tatsächlech handelt. Dat ass genial Xavier, dat wäert immens gutt ukommen, dat gouf et hei am Land nach ni. Déi Konschtschafend wäerten zefridden sinn, däin Numm op der Facade stoen an däin Ruff vergoldet sinn.

Bettel: Ma dann schéiss lass.

Kox: Wéi?

Bettel: Ma, mat Iddien?

Kox: Ech hu keng. Solle mer de Kulturstaatssekretär froen?

(Se kucken sech un. Laachen)

Bettel: Allez, wat läit dann sou alles nach am Tirrang?

Kox: *(Leeft bei den Desch, de Bettel kennt mat, den Kox fänkt un Dokumenter rauszekromen)*

Also do hu mer als éischt mol nach de Pacte culturel, ee vu Konschtschafenden geschriwwenen Katalog mat Virschléi, deen virun de Wahlen 2009 schon all d'Parteien ennerschriwwen haten. Bis zu de Wahlen 2013 ass do awer näischt geschitt. Ech zitieren ären DP Wahlprogramm vun 2013: "Dennoch muss man heute mit Erstaunen feststellen, dass trotz der hochtrabenden Ankündigungen der Regierung zahlreiche Forderungen entweder nicht umgesetzt oder schlicht ad acta gelegt wurden."

Bettel: An wat gouf dann elo an menger Legislaturperiod do schon virbereed?

Kox: Ma dir hudd trotz héichtrabenden Ukennegungen d'Fuerderungen aus dem Pacte culturel entweder net emgesat oder ad acta geluecht.

Bettel: Dat ass jo scho baal ironesch. Mee verständlech, vue dass dee Pabeier vun 2008 ass, a mir sinn eng modern an...

Kox: dynamesch?

Bettel: Regierung mat eegenen Iddien sinn. Wat ass nach am Tirrang.

Kox: Majo sämtlech Fuerderungen aus de Wahlprogrammer vun den Koalitiounsparteien, do kéinte mer kucken ob eppes dobäi ass wat ee lo nach emsetze kéint. An dann hätt ech hei nach den Koalitiounsaccord, deen och ee Kapitel Kultur huet, dat nach onberéiert am Tirrang leit. Den Tenor wor do all Kéiers, dass elo genuch a Gebaier investéiert gi wier, an dass lo endlech Kreatioun ennerstetzt gi misst.

Bettel: Ma dat ass jo baal ironesch, dass dat eenzegt wat mer lo konkret hunn dest eidelt Gebai ass. *(laacht. Et gett him bewusst dass et net fir hien ironesch ass)* Schääss. *(Kuckt an den Tirrang, zitt eng Photo vum Charel Goerens raus)* A wat mécht deen dann hei am Tirrang?

Kox: Deen waart op d'Regierung mat der CSV.

Bettel: *(Zerrappt d'Photo rosen)* An wat ass dat do fir ee Plang, deen gesäit dach zimmlech fett aus?

Kox: Ah nee, dat ass d'Projetsbuch fir Esch 2022. Do hunn ä Leit grad viru kuerzem iwwerhaupt dofir gesuert, dass dat aus der Effentlechkeet verschwennt an hei nees an den Tirrang kennt. Dat loosse mer lo mol schéin dobannen.

Bettel: An soss ass näischt do?

Kox: Ma ganz nei am Tirrang läit jo eisen eegenen Kulturentwécklungsplang, deen lo um Enn

vun der Legislatur erauskomm ass, mat 61 Fuerderungen.

Bettel: Mee wor deen net just een Oflenkungsmanöver?

Kox: Jo schonn...

Bettel: An hu mer do net all déi tatsächlech konkret Mesuren rausgestrach? Dowéinst sinn d'Leit jo lo rosen.

Kox: Jo, schonn...

Bettel: An hu mer net de ganzen Prozess vun de Kulturassisen sou gestallt, dass séchergestallt wor, dass keent wierklech matschaffe konnt an mir emmer d'Kontroll behalen?

Kox: Jo schonn, mee d'Leit aus dem Kulturministère hu selwer jo och mat um Dokument geschafft, kuck, enner Punkt 56 zum Beispill, "Nommer un Commissaire de gouvernement au plan de développement culturel" hunn ech mer selwer ee Posten geschriwwen. Dat kéins de lo zum Beispill nach séier konkret emsetzen an domat och meng Pei erhéichen, ech mengen dat géif de Leit dobaussen wierklech eng Freed maachen an virun allem déi Konschtschafend berouegen.

Bettel: Géff mer mol dee Wësch. Hei, direkt d'Fuerderung 2, d'Aarbecht am Kulturministère mat hellef vun Emails-Leschten verbessern. Dat ass dach brilliant, et kascht näischt an en Dëngscht fir d'Kultur, dee mäin Numm ob dësem Musée rechtferdegt.

Kox: Jo, mee dofir brauch den Service Informatique mindestens een halleft Joer, an et ass lo schonn 10 vir CSV.

Bettel: Hei den Nummer 16: Quoten fir letzebuenger Musék um Radio. Passt souguer an den nationalisteschen Wahlkampf vu menge Parteikoleegen wa mer dat lo nach aféieren.

Kox: Mee dann ass RTL rosen well se dann eppes fir déi lokal Zeen maachen an dofir mol net vum Staat Milliounen dofir iwierweise kréien. An wann et eppes gett, wat sech är Parteikoleegen virun de Wahlen net wenschen dann ass et, dass RTL rose wier.

Bettel: Dann eben eppes méi onkonkretes: Nummer 7, 10, 14, 19, 34, 39, 47 an 57 sinn alles just Fuerderungen no Analysen, Inventären an Opstellen vu Leschten. "Étudier les bonnes pratiques mises en oeuvre dans d'autres pays", voila, dat deet kengem wéih.

Kox: Dat dauert laang an féiert just zur feststellung dass aner Länner et besser hikiran wéi mir. Dat ass wéi den Peer-to-peer Review vum 100komma7, herno weess de zwar dass de alles falsch méchs, mee och, firwat sech näischt ännere kann.

Bettel: Ma hei dann eppes, wat wierklech gutt ukennt bei de Leit. Kanner. Fuerderungen 42 bis 46.

Kox: Dir mengt deen alen Trick bei all politescher Diskussioun méiglechst deen éischten ze sinn, deen rabläert, dass dat awer elo eppes wier, wat all Jonken onbedingt schonn an der Schoul ageetriichtert kréie misst, beschtefalls nach duerch d'Schafen vun engem neie Fach?

Bettel: Hei, waart ech ruffen dem Meisch kuerz un a maachen dat direkt an d'Reih. Merde, ech hunn seng Nummer schonn geläscht.

Kox: Se steet hei hannen an sengem Buch. (Reescht him dee Kack) Mee stellt iech fir, déi staark Kanner léieren doduerch kritesch ze denken, dann sinn dat déi éischt, déi herno nees däin Numm hei vun der Facade rappen.

Bettel: Net wann mäin Numm héich genuch hänkt. Déi Jonk hunn net mol d'Moyenen sech eng Leeder ze kaafen, dofir huet meng Regierung gesuergt.

Kox: Ah dowéinst ass am ganzen Kulturentwécklungsplang zu kengem Moment iergendeng Propose dran, déi jonk Kreatioun ënnerstetze géif, unerkenne géif dass honnerten vu Jonken a kreativen Studiegänk sinn an sech duerch onbezuelten Stagen schleefen oder a Kulturinstitutionen ausbeute loossen an sech hei ouni Budget, ouni Plaz, ouni Connections 2-3 Joer verausgaben an un den Burn-out bréngen nemmen fir duerno ouni Perspektiv an komplett desillusionéiert opzeginn.

Bettel: Jo. *(um Telefon)* Salut Claude, so du misst do lo nach ganz séier een neit Fach aféieren,

fir dass mäin Numm hei op der Nationalgalerie... wat gelift? Ma nee, dach net Letzebuergesch? Mech interesséieren déi Wahlen net. Gleeft mer, dech géifen se och net interesséieren wanns du dech ee bessi éischter no enger neier Plaz emgekucke sollen, wéi all Mensch an der Regierung dat mat Zäiten gemaach huet, dann misst du der dat doten net undoen. Oh Leck mech dach.

(Hängt an)

Kox: An wat maache mer elo?

Bettel: Keng Ahnung, du bass dach hei deen mam Plang.

Kox: Ech hu kee Plang méi, vläit sollte mer eis einfach wierklech mat de Konschtschafenden ronderem een Dësch setzen? Also amplaz wéi bei de Kulturassisen e puer brav Mippercher ronderem een Dësch ze setzen an de Recht vun de Leit vu baussen nokucken ze loosse an insgesamt 10 min. fir "Interventiounen" ze loosse, déi mer ouni Probleem ignoréiere kënnen.

Bettel: Ech sinn 5 Joer duerch d'Legislatur komm ouni wierklech mat de Leit ze schwätzen ausser "Moien" "wei geet et iech" an mäi ganz gesouers, ech wäert lo net... Moment. Mir maan et tatsächlech sou, wéi ech et bis lo ëmmer gemaach hunn, du méchs lo *(flüstert dem Jo Kox an d'Ouer)*

Kox: Brilliant *(steet op a verschwennt)*

Szen 6)

Bettel: Sou, geet dat dann elo virun hei mat der Ouverture?

Maxie: Ech kommen, Här Minister.

Bettel: Fir dech nach ëmmer Här Staatsminister. Hepp, weider am Programm.

Maxie *(verwirrt)*: Ma, vu dass d'Konschtschafend dëst Event boykottéieren, hunn ech just nach een Act hei op der Lëscht stoen. Dir Dammen an dir Hären, ech stellen iech déi nächst kenschteresch Interventioun vum Owend fir, Stand up Comedy mam a vum Maggy Nagel.

Bettel: Hä, Maggy? Wat soll dat bedeuten?

Nagal: Ma du hues mech dach an d'Wüst gescheckt Xav!

Bettel: Ohh Maggy, dat deet mer Leed, dass du dat deemols sou wouergeholl hues! Ech wollt dir kee Leeds dinn, ech hunn deng Arbecht an dech perséinlech immens apprécieiert an respektéiert. An et war mol net meng Iddi... et war dee gréisste Feeler...

Nagal: Nee, du hues mech wuertwärtlech an d'Wüst gescheckt! Ech soll dach do am Jemen deen Pavillon opbauen.

Bettel: Ahhhh jo, pardon, dat haat ech vergiess, natierlech! Ehhh... moment, zu Dubai solls du dat maachen fir d'Weltausstellung, net am Jemen!

Nagal: Ohhhhhoooo... Ohhh Jemeneee. Gottseidank kann een deen nees of- an obbauen! Mir haaten en zu Esch getest an du Stee fir Steen an de Jemen geflunn...

Bettel: Ma dann kuck, dass du deen lo direkt nees riwwer an de Qatar kriss.

Nagal: Nee, ech hu guer keng Loscht méi op dee Pavillion, zanter dass ech gewuer gi sinn, dass herno souwiesou alles futsch ass wat ech do kulturell opbauen, well de Schneider do sän Missioncontrolcenter-Ausstellungsraum fir auslännesch Investoren vum Space-Mining obbauen well.

Bettel: Ahhh merde jo... dat ass jo pervers, ob déi Iddi wier jo mol keen aus menger Partei komm. Wat géiff d'Carole wuel dozou soen...

Nagal: Jiddwerfalls maachen ech dowéinst elo Poetry Slam a Stand-Up Comedy. Wéi dir villaischt wësst, war ech eemol kuerz Kulturministesch hei am Land. Als Kulturministesch misst ech och ob Cannes goen. Do haat ech mech zu de Filmer geäussert a meng Meenung gesot: Ech hunn léiwer Filmer fir ze laachen. Emmer muss alles sou eescht sinn. *(Richtig Zitat fannen)*

Do gouff vill iwwer mech gelaacht. An der Press, an der Politik an doheem. Mee ech stinn dozou. An deem Moment, wou ech den Arsch vun all Witz war, hunn ech eng Erleichtung gehaat. Ech wëll Komédie maachen.

Als Ministesch hunn ech mer sou Munches missen unhéieren iwwer Konscht an hiere Wäert. Dobäi ass et ganz einfach: heiansdo *Klimt* de Präiss an heiansdo mescht ee manner *Manet*. Dat hunn ech e besse *Schiele* fonnt, mee ech war awer kengem *Beuys*. An dunn duecht ech mir, mer brauchen en neie Plang an zwar *Dali*! Du war déi ganz Saach mat dem Miltgen an ech duecht nach, wat wëll *Dégas*? Et war fuerchtbar an ech hunn mol schnell Vakanz gemaach. Schivakanz! Do fuere mir rop, do fuere *Miro*. Ech war also net méi do an *Cézanne* du bei mech komm. Wou se ukoume ware mir grad ob der Piste a se hu mäi Mann(Frend kA) skeptesch gekuckt a gefrot: *Kandinsky* fueren? An ech sot: *Monet*. Mee vierwat sitt dir dann hei? „Mir wëllen, dass du resignieeres an dech fir e Strapp ofseels! Hei ass e Seel a *Picasso* kengem, wat mer beschwat hun!" Dunn durcht ech mir, okay, allez hepp, let's *Goya*! Que *Seurat, Seurat*, whatever will be, will be...

Fannt der net witzeg? Dann hunn ech hei nach een mei déifgrennegen Text, deen ech och selwer geschriwwen hunn an meng Erfahrungen aus den läschten Jooren behandelt. En ass intituléiert: "Konscht ass wéi ee Buffet".

"Konscht ass wéi ee Buffet, et muss een net dat deiersten huelen fir d'Leit sat ze kréien - ausser fir déi Leit déi net sat gi mussen, fir déi hellt een dat deierst.
Konscht ass wéi ee Buffet, d'Chinesen kënnen et am beschten.
Konscht ass wei ee Buffet, et weess een ni wat een erwardt.
Konscht ass wei e Buffet, du gesäiss léiwer net d'Leit déi et maachen a wells och net wessen, wéi se bezuelt ginn.
Konscht ass wei e Buffet, d'Vollék stierzt sech ob dat simpelst."
Konscht ass wei e Buffet, et kann een net genuch dofu kreien, och wann een schon net mei kann.
Mäi Slogan ass jo och emmer: Art à volonté!"

Bettel: Bravo!
(Applaus)

Szeen 7)

Kox: Xavier, Xavier, mir hunn ee Probleem!

Bettel: Wei, wat, wat ass dann elo schon nees lass?

Kox: Déi Konschtschafend...

Bettel: Mee ech hat der dach genee gesot wats de mat deenen maachen solls.

Kox: Ma dat hunn ech och gemaach. Ech hunn gesot, dass de Kulturminister decidéiert huet fir all "professionell Konschtschafenden" ab haut wesentlech besser z'ënnerstëtzen. Wat direkt dozou gefouert huet dass d'Leit direkt ugefaangen hunn sech vun aneren ze distanzéieren.

Bettel: Ma perfekt, klappt dach wonnerbar!

Kox: Déi al soen lo just déi mat Erfahrung wieren professionell, déi vun den Unien soen just déi mat Ofschloss wieren professionell, déi déi bezuelt ginn soen just déi déi bezuelt ginn wieren professionell, déi déi am Ausland hier Wierker weisen soen just déi déi am Ausland oprieden wieren professionell an déi déi vill Press hunn soen dass et op den Impakt an der Press ukënnt. Déi déi schon ëmmer do woren soen si wieren déi éischt an eenzeg Professionel. Déi mam grouse Public soen just si wieren professionell, den Serge Tonnar seet, dass hien

deen eenzeggen wier, deem säin Numm de Leit bekannt wier an de Philharmonies-Orchester huet ausgeschloss dass iwverhaapt iergendeen am Land professionell wier.

Bettel: Ma dat ass dach genee sou wéi ech et virausgesot hunn?

Kox: Ech hunn dann nach eng Kéier bekräftegt, dass et eis net just ëm Professionalitéit geet, mee och dorëms, dass déi Leit tatsächlech Konscht maan. Dunn ass de Buttek explodéiert. D'Schrëftsteller*innen hunn d'Poetryslamer*innen erschoss, déi kllassesch Muséker hunn d'Rockhal a Flamen gesat. D'Galerien stellen elo Bescheinigungen aus, iwwert déi just Biller, déi an Galerien hänken Konscht sinn. D'Volleksbühn huet der Biergerbühn de Réck zougewandt fir vun elo un just nach richtig Konscht ze produzéieren an belästegt Leit mat enger Opzielung vu richtige Männer op déi si sech bezéien. Et gouf ee Pogrom géint Leit deren hier Wierker ze politesch wieren fir Konscht ze sinn - dobäi gouf och d'Ainhoa exekutiert. An d'Daniele Igniti sot dem Deborah de Robertis hatt wier keng Feministin. An dunn...

Bettel: Genial. Lo sinn all déi Konschtschafend an éischer Linn mol nees domat beschäftigt sech ënnerteneen fäerdeg ze maachen, sou dass kee Mënsch méi drun denkt fir mir meng Ouverture ze ruinéieren.

Kox: An dunn...

Bettel: Wat dunn?

Kox: Ma dat wollt ech déi ganzen Zäit soen. An dunn huet d'Auer 5 vir CSV geschloen. An dunn sinn all déi Konschtschafend wakreg ginn an hu gemierkt, dass et eng grouss Gemeinsamkeet gëtt dei si all verbënnt.

Bettel: Dass déi schwaarz nees un d'Muecht kommen?

Kox: Nee. D'Angscht dass d'DP de Kulturministère behale kéinten. Dat wat vun den Konschtschafenden nach iwwereg ass, ass lo nees um Wee heihinner fir d'Nationalgalerie ofzerappen an en Zeechen ze setzen.

Bettel: Alles ass verluer. *(Hien sackt zesummen, den Kox verschwennt onopfälleg)*

Szeen 8)

*(Dobaussen virum Fenster droen Polizist*innen eng Läich laanscht, si kommen domadder ran an d'Gebai, si bemierken den Bettel net)*

Polizist 1: lee se hei hinner.

Polizist 2: Police Grand-Ducale. Mir hunn hei een... Objet deposéiert deen vun iech komplett a Rouh gelooss gi wäert, verstaanen.

Polizist 1: Jo, dat kennt heiansdo fir, dass mir hei zu Bouneweeg eppes entsuerge mussen. D'ass ee raue Quartier an d'Aarbecht als Flick ass haart.

Polizist 2: Wann d'Inspection générale de la Police hei iergendeen iergendeppes freet dann hutt dir näischt gesinn, verstaanen?

(si ginn nees raus)

Dout: Xavier. Xaaaaaaaaaviiiiier.

Bettel: Wat?

Dout: Xavier, Xavier.

Bettel: Wien schwätzt do?

Dout: Ech.

Bettel: Wat? Wou?

Dout: Hei Xavier. *(Bettel erkennt dass d'Läich sech beweegt)*

Bettel: Domat hunn ech näischt ze dinn, dat ass den Etienne Schneider, Policeminister, deen bei sou Saachen mat am Coup ass, dann 5 min. drop op der Télé deklaréiert dass hien hannert de Beamten déi geschoss hunn stoe géif, wouropshin mir d'Opklärung vum Fall bis no déi nächst Wahlen verschieben mussen.

Dout: *(Setzt sech op)* Xavier, ech sinn den Geescht aus der Zukunft

Bettel: Aaah, Hellef.

Dout: Xavier, ech sinn hei fir dir ze weisen, wéi däi Graf ausgesi wäert, wanns du bis gestuerwe bass. *(Weist hien um Smartphone)*

Bettel: Mee do steet mäin Numm jo mol net drop?

Dout: Genee sou wéi däin Numm net op deser Galerie stoe wäert.

Bettel: Ech wäert a Vergiessenheet geroden. Oh Geescht aus der Zukunft, ech bereien alles. Ech bereien et, déi 5 Joer ouni CSV un der Muecht net ausgenotzt ze hunn fir Guddes ze schafen.

Dout: Xavier, dorops well ech guer net raus.

Bettel: Du bass hei fir mech ze bestrofen, gell? Ech ginn alles zou, ech si guer net wierklech u Konscht interesséiert, et ass mer just em mäin Image gaangen. Ech hunn et genoss als Premier mäi Premièresbüro mat méiglechs grelle Biller ze dekoréieren fir sou ze maachen, wéi wann ech modern wier.

Dout: Et ass nach net ze spéit.

Bettel: Ass et well ech déi Konschtschafend ugelunn hunn an hinne gesot hunn, se missten einfach méi haart schaffen, méi struwelen an kléng a prekär ufänken. Dobäi wosst ech, dass souvill Schaffe kënnen wéi se wëllen an awer de Kapp net iwwer d'Waasser kréien.

Dout: Xavier, lo hal endlech op mat pinschen. Ech sinn hei mat enger Offer fir dech.

Bettel: Eng Offer?

Dout: Jo eng Offer.

Bettel: So mol kennen ech dech net? Has du mir net virun e Wahlen versprach dass ech Premier gi geif, wann ech den Alain Kinsch d'Koalitiounsofkommes matschreiwel loossen, hien herno an de Staatsrot placeieren? Wat méchs du dann hei, ech duecht net dass du dech lo och ëm d'Kultur këmmers? Wee kemmert sech hei eigentlech net em d'Kultur?

Dout: Xavier, wanns du mir ee Gefale méchs, dann bleift däin Numm op der Nationalgalerie stoen.

Bettel: Oh...

Dout: Dat wëlls du dach Xavier, dat wells du dach méi wéi alles anescht.

Bettel: Nenn mer de Präiss.

Dout: Et ass näischt Groussarteges. Hei ass eng Lëscht vu Leit, dei nach virun de Wahlen plazéiert gi mussen.

Bettel: Mee däi Koleeg aus der Chambre de Commerce ass dach scho Finanzminister ginn *(Kuckt d'Lescht)* Ah, mee dat si jo och alles Koleege vu mir. An déi sinn dach scho plazéiert: Loschetter bei den 100komma7, Nancy Braun bei Esch2022... An dann déi ganz Leit vun de Beroderfirmen an d'Verwaltungsreit vum MUDAM, vum Casino... Ass alles scho geschitt.

Dout: Ah sou... *(nees gruseleg)* ma dann bräichte mer awer nach dat hei vun dir... *(Gett him ee weideren Ziedel)*

Bettel: D'Nationalgalerie soll keen Etablissement Public sinn, mee ënner engem statut privé gegrennt ginn? D'Ernennungsprozedur soll iwwert den Responsabelen fir Art&Finance vun der Beroderfirma Deloitte laafen? D'Nationalgalerie selwer soll dem Tourismusministère ënnerstallt ginn? Mee dat ass dach alles scho geschitt, hei si Liberaler am Kulturministere, wat hues du der dann virgestallt.

Dout: Ah, ehm, kënne mer dann... *(pespert dem Bettel an d'Ouer)*

Bettel: Wells du mech veraarschen, wat mengs du wat mer déi lescht Joer gemaach hunn. D'Kultur ass scho längst komplett dem Nation Branding ënnerstallt, mir benotzen

Konschtschafender fir Standuertpolitik, eis Konschtheiser gi scho längst mässbraucht als Setting fir d'Veranstaltungen vu Supperräichen. So mol wou wors du déi lescht 5 Joer?

Dout: Ehhhhhh, ech hunn déi letzt 5 Joer un enger Werbekampagne fir den 100komma7 geschafft. Mee pscht, et ass geheim.

Bettel: An elo?

Dout: Mee Xavier, dann verstinn ech awer eppes net.

Bettel: Wat dann?

Dout: Wann déi 5 Joer genotzt goufen all Kreatioun ze verhënneren, déi Konschtschafend aushéngeren ze loossen, déi Jonk ze blockéieren, DP-Leit op all méiglechen Posten ze plazéieren an d'Kulturpolitik der Wirtschaftspolitik ennerzeuern - firwat méchs du dir dann iwwerhaupt Suergen, dass däin Numm op dëser Galerie a Gefor wier?

Bettel: A mee well...

Dout: Xavier, dat misst de awer besser wëssen.

Bettel: Déi Konschtschafend hu sech zesummegeen.

Dout: Jo an? Am Land hu se insgesamt kee Réckhalt. Se zielen zu der Elite vun der se selwer ausgebeut ginn.

Bettel: Déi kommen fir mir meng NAGA freckt ze maan.

Dout: Wat wäerten se maachen? An de Kloertext goen a soen, dass se onzefridde sinn? Eng Demo? E Fuerderungpobeier? Bei d'Gewerkschaft goen? Net fir dech wielen? E Sätzstreik? Wéi laang? En Daag? Zweek?

Bettel: Déi wäerten hei mäin Numm vum Gebäi rappen.

Dout: Konschtschafender déi een Numm vun engem Gebai rappen sinn keng Konschtschafender, mee lénk Chaoten. An dat wëll nu wierklech kee sinn. Vun deene mussen sech och Konschtschafender distanzéieren, dat ass keng Konscht.

Bettel: Déi Konschtschafend sichen awer elo ee Schëllegen.

Dout: Mee Xavier... wien ass da responsabel dofir?

Bettel: Ma de Kox soot, dass et wier well ech näischt...

Dout: Deen Typs huet 200 Säiten Kulturentwécklungsplang geschriwwen, sech dobäi selwer zenséiert a verroden, ass bei all Geleegeheet bei all Mënsch gaangen an huet gesot, dass dat ganzt näischt gëtt a wosst, dass sai Kontrakt, soubaal seng Aarbecht Ecken an Kanten hätt vun der CSV net verlängert gi wäert. Mengs de net, et kéint een deem Typs seng Aussoen hannerfroen. Deen ass komplett mautsch, säin Numm ass Programm.

Bettel: Ah merde, lo wollt déi onkompetent Sau tatsächlech säi Problem zu mengem maachen.

Dout: Genau, well firwat hues de de Kox? Firwat hues du emmer een als Puffer.

Bettel: Eben, vierwat hätt ech hien soss Kulturminister gemaach.

Dout: Nee...

Bettel: Staatssekretär

Dout: Nee...

Bettel: Jo gutt, wat och ëmmer hien elo ass!

Dout: Hien ass Schold. Dat ass hien.

Bettel: Ah, dat heescht ech ka lo hei maachen wat ech well?

Dout: D'sinn zwou Minutten virun CSV, du misst scho séier maachen. Woubäi, mat ee bëssi Chance an engem gutt rietslastegen Wahlkampf kéint d'DP et nach eng Kéier als Juniorpartner packen...

(Den Dout verschwennt)

Szeen 9)

*(D'Maggy Nagel, den Pol Helminger, d'Maxie an déi zwee Polizist*innen komme no vir)*

Bettel: Dir Dammen an dir Hären, ech si frou iech elo endlech den Numm vun der Nationalgalerie präsentéieren ze kënnen.

(Rappt d'Roud Duch vum Numm vum Musée)

An elo géif ech awer nach gären ee puer Personalfroen klären. Maggy, du gëss Direktesch hei vum Musée, an dann passt de op, dass mäi Porträt hei vir hänke bleift.

Maggy: Oh, Merci Xavier, dat ass awer gentil.

Bettel: Maxie, däin CIE ass ofgelaf, du bass raus. Vill Spaass am Recht vum Liewen.

Maxie: Mee... Moment, ween gett iech d'Recht sou...

Bettel: *(zu de Polizisten)* Hatt meckert, hatt ass eng Kenschtle... e Chaotin. Bréngt hatt fort. *(Si schleefen hatt raus)*

Bettel: Henri, eh, Albert... Hubert! Du gëss hei Präsident vum Verwaltungsrot an häls lo fex d'Aweigungsried fir dat Ganzt z'offizialiséieren.

Dir léif Gäscht, wonnerbar Leit,

Desst Gebei gett ageweit,

wonnerschéin, baal majestuéis,

erstreckt et sech vrun eise Féiss.

Haut, jo Haut, lo ass den Dag,

D'Reimlechkeeten gin obgemat,

e Meeschterwierk, architektonesch,

vonkelnei, t'ass alles fresch.

De Kär vun deem, wat wichteg ass,

fanne mir an desem „Schlass“,

de ganze Stolz vun eisem Land,

fannen wärt dir allerhand,

vun deem, wat ass eise Kär,

wat eis frouh mecht, mir hu gär!

Am Verwaltungsrot sin ech, Dat mecht mech lo wirklech stolz,

an dat hoffentlech nach lang, klap' mer mol all ob Holz!

Oppen, jo, dat ass se lo,

Mir kommen eisem Gléck mei no!

Mir stin, versammelt hei am Gank,

Vun eiser neier letzebuerg'scher Bank!

Bettel: Musée

Helminger: Hä?

Bettel: Musée, d'ass ee Musée. D'NAGA, d'Nationalgalerie.

Helminger: A tiens, dat wosst ech net, ech hat lo einfach meng Standartried geholl, fir wann ech an ee Verwaltungsrot plazéiert ginn.

Bettel: Hei komm d'ass gutt, mir schneiden elo dat Bännchen duerch.

(Si schneiden zu drett d'Bännchen duerch)